piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

De Prisong Uerschterhaff ass aktuell iwwerbeluecht. An der Press gëtt ee gewuer, dass aktuell 429 Persounen do ënnerbruecht sinn an déi virgesinne Kapazitéit iwwerschratt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Justizministesch bestätegen, datt aktuell Prisonéier am Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff op Matrassen um Buedem schlofe mussen?
   - Falls jo, wéi vill Prisonéier sinn dovunner betraff, säit wéini a bis wéini wäert dëst esou sinn?
   - Wéi eng Moossname wäerte geholl ginn, fir dës Situatioun ze behiewen?
   - Sinn dës Matrassen an den Zellen oder op anere Plazen am Prisong a falls jo, wéi eng?
   - Loungen Matrassen am Gank vum Prisong?

2. Wéi huet sech zënter der Ouverture vum Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff de Ratio tëscht dem Personal (ETP) an der Zuel vun de Prisonéier entwéckelt?

3. Si beim Personal déi virgeschriwwen Aarbechts- a Rouzäite vum Personal agehale ginn?

4. Huet déi aktuell Iwwerbeleeung zu méi Iwwerstonnen oder aneren zousätzleche Belaaschtunge fir d'Personal gefouert?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Ass bei der aktueller Iwwerbeleeung d'Sécherheet vum Personal a vun de Prisonéier zu all Moment garantéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten